association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsminister vum 19. Dezember 2018

Präsenzen
MENJE: M. D. Dominguez Muller, Mme A. Heniqui, M. C. Meisch, M. R. Nehs, M. P. Reding
APESS: M. P. Beil, M. M. Breyer, M. G. Everling

1) **Regierungsprogramm fir déi nächst fënnef Joer**
Den Här Minister huet eis säi Programm a seng Prioritéiten fir dës Legislaturperiod erkläert. Et gëtt e grousse politesche Konsens, datt et elo drëm geet d'Reformen an der Educatioun ze konsolidéieren an de Kontakt mam Terrain ze verstäerken. Den detailléierte Programm steet am Koalitiounsaccord.

2) **Personalmangel**
Et besteet bekanntlech e grousse Mangel u Proffen, virun allem am Beräich vun de Naturwëssenschaften an Zukunftstechnologien mä och an der Ausbildung fir d'Gesondheetsberuffer. Eise Beruff muss erëm méi attraktiv ginn. Dozou gehéiere folgend Punkten:
   a. Den Éducatiounsminister muss hannert eis a net géint eis stoen (z.B. Spuermoossnamen speziell op eisem Bockel, etc.). D'Aarbecht um Terrain muss vun der Politik méi unerkannt ginn an e Vertrauensklima hier gestallt ginn. Dozou gehéiert och eis bei Ugréffer an de Medien ze verdeedegen, wann z.B. erëm op RTL behaapt gëtt mir wieren iwwer bezuelt, wat mir net sinn, dofir brauch ee just aner Universitäre beim Staat ze kucken.
   De MENJE ass och der Meenung, datt d'Aarbecht vum Enseignant no baussen besser duergestallt muss ginn.
   b. D'Iwwerstonnen mussen op mannst eent zu eent bezuelt ginn, sou wéi dat am Privatsektor normal ass. *Dat liicht dem Ministère an mä den Här Minister mécht eis drop opmierksam, datt de CGPO all Mount e Relevé erstellt an do d'Proffen ëmmer nees doduerch op falen, datt d'Verhältnis vun eisem effektiven Salaire am Verglach zu eisem Salaire de base immens héich ass.* Mir fannen, datt et dach net ka sinn, datt mir, fir de Schoulbetrib am Kontext vun engem institutionaliséierte Proffemanktem um Lafen ze halen, fräiwëlleg gezwonge sinn massiv schlecht bezuelten Iwwerstonnen ze halen fir da virgeworf ze kréien, op Grond vu grad dësen Iwwerstonnen wier eisen effektiven Salaire ze héich a Relatioun zu eisem Salaire de base.
   c. D'Beruffserfarung an Zousazausbildungen vu Leit aus dem Privatsektor solle voll ugerechent ginn. Wéi soss sollen engagéiert, qualifizéiert an erfuere Leit aus dem Privatsektor motivéiert ginn, sech der Entwécklung vun de Kompetenzen vun eiser Jugend zou ze wenden? *Dem Här Minister liicht dat an mä mir mussen dat, wéi vill aner Sujeten, mam CGPO beschwätzen.* **Mir waarden awer schonns säit bal engem Joer drop e Rendez-vous mam CGPO zesummen mam MENJE ze kréien!**

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

d. D'Proffecomitéen waren säit 2004 déi legal Vertrieder vun eisem Beruffsstand a mussen erëm agefouert ginn. D'Enseignanten hu genau esou en Urecht op eng Vertriedung ewéi d'Elteren an d'Schüler an hier Interessen si net an alle Fäll déi selwecht wéi déi vun de Services administratifs an techniques. *Dorops mengt de Ministère et géif keen d'Proffen drun hënneren eng A.s.b.l. an hirem Gebai ze grënnen.* Datt dat a kengster Weis mat enger am Gesetz verankerter Proffevertriedung ze vergläichen ass war jidderengem kloer. Wéi mir drop opmierksam gemaach hunn, datt de Comité de la conférence du lycée an enger Rei Gebaier méi oder manner ënnert der Kontroll vun der Direktioun wier an d'Interessen vun den Enseignanten net effektiv vertriede kéint krute mir gesot, *mir sollten Informatiounen dozou un de MENJE weider ginn*.

e. Mir mussen an d'Gesetzgebung vun Ufank un agebonne ginn sou wéi dat fréier an all Schoul iwwert de Proffecomité gelaf ass.

3) Autonomie vun de Schoulen

Mir fannen d'Autonomie vun de Schoulen am Prinzip gutt mä d'Dechargen fir d'Regence, Appui, Accompagnement etc. musse landeswäit gereegelt sinn. *Laut dem Ministère gouf et zu deem Thema guer keng Réckmeldung vun de Schoulen. D'Dechargen sollte kohärent sinn an dem tatsächlechen Opwand Rechnung droen. Et wier schwiereg fir der Regierung ze vermëttelen mir bräichten 300 Leit méi wéinst Dechargen. D'Schoulautonomie soll Bandbreeten hunn innerhalb vun deenen d'Schoul decidéiert. D'Decharge ACCOM ass ofgeschaaft ginn well d'Chargéen e Stage kritt hunn mä den Accompagnement gëtt awer als ganz wäertvoll betruecht.* Mir fannen, datt den Accompagnateur logescherweis och erëm eng Decharge fir seng wäertvoll Aarbecht misst kréien.

Et kommen ëmmer méi Leit an d'Land. 1200 Chargéen hu wéineg Motivatioun fir de Proffestage ze maachen. Si maachen amplaz dovunner e Stage mat manner Volume. Auslännesch Enseignanten scheiteren bei eis meeschtens un de Sproochenufuerderungen mä de MENJE ass och der Meenung, datt een déi Sproochenufuerderungen net einfach iwwer Bord geheie kann. Mir fannen awer, dass d'Sproochentester net däerfen ze wäit goen a qualifizéiert Leit eliminéieren, déi mir dringend brauchen.

4) Kandidaten

D'Kandidaten mussen déi normal Karriär vum Enseignant kréien well se de Concours an de Stage gepackt hunn (e Schoulmeeschter muss och keen TC schreiwen fir seng Karriär ze kréien). An dat ass ëmsou méi wichteg wann de Stage erëm op 2 Joer gesat gëtt.

Déi Enseignanten, déi en TC (post universitär, nom Master) gemaach hunn, sollen 30-45 Punkten dofir bäi kréien.

De Ministère ass sech bewosst, datt een dat esou gesi kann mä stellt awer fest, datt de Kandidat eng Decharge fir den TC kritt huet a näischt gemaach huet. Wat géif e Privatpatron

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

an där Situatioun maachen? Et kann een de Kandidaten den TC net einfach ginn well dat jo onfair wier vis-à-vis vun deenen déi den TC gemaach hunn. Et ass awer duebel schlëmm well d'Kandidaten jo och an hirer Karriär net weider kommen. Doriwwer eraus géifen schätzungsweis iwwer 100 nei Enseignantsposten entstoen wann een de 700 Kandidaten géif d'Koeffizienter ginn well doduerch ëm déi 2500 Schoulstonnen géife verluer goen. Mir hunn awer insistéiert, eng praktesch Léisung fir d'Kandidaten ze fannen, well si sollen net wärend hirer ganzer Karriär bestrooft ginn als bëlleg Aarbechtskraaft fir de Staat.

5) Digitaliséierung

D'digital Medien sinn Instrumenter wéi d'Kräid, déi do wou se pädagogesch Sënn erginn a nëmmen do sollen agesat ginn. *Déi Meenung gëtt och vum Här Minister gedeelt. D'Finalitéit ass net d'Technologie mä d'Pädagogik.*

Mir maachen drop opmierksam, datt d'Schüler an d'Enseignanten onbedéngt och iwwer d'pädagogesch a gesondheetlech (detailléiert Informatiounen dozou am Ressourcendeel vum Apesssite) Risiken missten informéiert ginn. *Äntwert vum MENJE: Wat d'Gesondheetsrisiken vun der 5G-Technologie betrëfft gëtt nogekuckt op Bee Secure dat mam Gesondheetsministère iwwerpréift.*

Ier et zu engem konsequenten Asaz vun iPads hei am Land kënnt, missten an eisen An d'Pilotprojeten evaluéiert an d'Enseignanten forméiert ginn.

6) Promotiounskritäre

D'Promotiounskritären am ESG musse méi transparent a verständlech ginn a solle mat de Leit um Terrain ugepasst ginn, do wou et pädagogesch sënnvoll ass. D'Reform am Cycle inférieur vum ESG muss nogebessert ginn: déi Fächer, déi kee Niveau de base oder avancé hunn, ziele guer net méi wann de Schüler mindestens 20 an de Sproochen an an der Mathe huet: et kënnt ee vu 7G op 6G a vu 6G op 5G wann een doranner keng Note gravement insuffisante huet! Konsequenz: an de Sciences naturelles a sociales leeschten d'Schüler näischt méi, an dat Wëssen / déi Kompetenzen feelen hinnen. D'Professeren si frustréiert a vill Schüler verbauen sech hire Wee z.B. op 4eSN oder 4ePS.

De MENJE ass sech bewosst, datt et méi komplizéiert ginn ass mä d'Ziel war et ze verhënneren, datt e Schüler wéinst enger Schwächt an engem Fach hänke bleift. Et misst een tëscht de Promotiounskritären an der Admissibilitéit fir op 4e ënnerscheeden. Anscheinend hunn de Niveau de base an avancé näischt geännert wat d'Zuel vun de Genügenden betrëfft, déi konstant ass. Et wäert nogekuckt ginn wéi et an den eenzele Lycéeën gelaf ass.

7) **Bildungsdësch**

D'Iddi vum Bildungsdësch ënnerstëtze mir ënnert der Bedingung, datt mir och do vertrueden a voll agebonne sinn. Iwwerhaapt musse mir an all Planungen fir de Secondaire agebonne ginn an dierfen net viru vollendet Tatsaache gestallt ginn.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426